N° ...
Entrée le 14.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.12.2023
Chambre des Députés

FRAKTIOUN CSV

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 814/2023
15 DEC. 2023
A traiter par:
Copie à:

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 14. Dezember 2023**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsministerin an un den Här Ëmweltminister weiderzeleeden.

D'Nitratreglement gesäit eng Sperrfrist fir d'Ausbrénge vun organeschem Dünger vum 15. November bis de 15. Februar vir. De ville Reen an de Méint Oktober an November huet et de Baueren net erlaabt, d'Gülle virun dëser Sperrfrist fachgerecht auszebréngen. Elo besteet d'Gefor, datt mir an eng Situatioun kommen, wou vill Betriber de Problem kréien, datt hier Güllelager riskéiere viru Mëtt Februar voll ze sinn. Mir wollten dofir folgend Froen un d'Madamm Landwirtschaftsministerin an un den Här Ëmweltminister stellen.

- Sinn déi zoustänneg Ministeren sech der Problematik bewosst?
- Si schonn Ufroe vu Baueren erakomm, déi Problemer mat der Lagerkapazitéit hunn, respektiv kréien?
- Gedenken d'Ministeren eng Derogatioun ze ginn, fir déi Betriber, déi Schwieregkeete mat der Lagerkapazitéit hunn?
- Ënner wat fir Konditioune kéint eng Derogatioun méiglech sinn, fir den Impakt op d'Waasser esou niddreg wéi méiglech ze halen?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

**Jeff Boonen** — **Deputéierten**

**Christophe Hansen** — **Deputéierten**

**Félix Eischen** — **Deputéierten**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau a vun dem Minister fir Emwelt, Klima an Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n° 111 vum 15. Dezember 2023 vun den éierewäerten Deputéierten Jeff Boonen, Christophe Hansen an Félix Eischen iwwert "Epandage d'engrais organique"**

**Sinn déi zoustänneg Ministeren sech der Problematik bewosst?**

E puer Dose Betriber hunn sech ab dem Mount November bei den zoustännege Servicer vun der Ackerbauverwaltung (ASTA) manifestéiert, datt si méiglecherweis punkto Stockage net bis Mëtt Februar wäerten duerkommen. Déi concernéiert Servicer sinn informéiert an hunn sech och an deem Sënn concertéiert a preparéiert.

Den 2. Januar gouf e Communiqué an een Antragsformular zu dëser Problematik op den Internetportailen vum Landwirtschaftsministère a vun der Waasserverwaltung veröffentlecht (https://agriculture.public.lu/de/aktuelles/2024/januar/ausnahmegenehmigungen-guelle.html; https://eau.gouvernement.lu/fr/actualites/2024/01-janvier/ausnahmegenehmigungen-fur-die-ausbringung-von-guelle-jauche-oder-gaerresten.html).

**Si schon Ufroe vu Baueren erakomm, déi Problemer mat der Lagerkapazitéit hunn, respektiv kréien?**

Bis den 12. Januar 2024 si bei de Verwaltungen 18 Dossieren erakomm. Doduerch datt verschidden Dossieren méi landwirtschaftlech Betriber ofdecken, kann een zeréckbehalen datt gutt 30 Betriber eng offiziell Ufro fir eng Derogatioun gestallt hunn.

**Gedenken d'Ministeren eng Derogatioun ze ginn, fir déi Betriber, déi Schwieregkeete mat der Lagerkapazitéit hunn?**

D'Zil vun de Verbuetsperiode fir d'Ausbrénge vun organeschem Dünger ass et fir eng Verschmotzung vu Baachen a Grondwaasser ze verhënneren. Dofir dierf esou eng Derogatioun just de leschten Auswee sinn. Virdru mussen all aner Méiglechkeeten a Betruecht gezu gi si fir d'Material net mussen auszebréngen. Dobäi muss zum Beispill gekuckt ginn, ob een net eidelstoend Lager an der Ëmgéigend notze kann.

Wann esou Méiglechkeeten net gi sinn, kënnen déi zwee Ministere vu Landwirtschaft an Ëmwelt gemeinsam eng Derogatioun zur Sperrfrist fir d'Ausbréngung vu flësseger Organik ginn.

**Ënnert wat fir Konditioune kéint eng Derogatioun méiglech sinn, fir den Impakt op d'Waaasser esou niddreg wéi méiglech ze halen?**

D'Konditioune vun enger méiglecher Derogatioun sinn detailléiert am Artikel 7 vum modifizéierten Nitratreglement vun 2000 opgelëscht a betreffen d'Fäll an deene sou eng Derogatioun méiglech ass (Wieder, Akzident), déi méiglech Kulturen op deenen duerf ausbruecht ginn, d'Quantitéiten déi kënne gefouert ginn, d'Topographie vun de Parzellen an d'Distanz zu de Gewässer, esou dat ka séchergestallt ginn dat keng Pollutioune während der Ausbréngung innerhalb vun där Zäit, wou a priori laut Artikel 6

vun deem Reglement net dierf ausbruecht ginn, passéieren. Well net all Situation d'selwecht ass, mussen esou Demanden natierlech vu Fall zu Fall analyséiert ginn.

Fir Terrainen a Grondwaasserschutzzonen a fir Terrainen déi an de Schutzzonen ronderëm de Stauséi leien sinn Derogatiounen d'office net méiglech.

Et sief och drun erënnert datt Betriber laut Artikel 8 vum Nitratreglement mussen eng Mindestlagerkapazitéit vu 6 Méint op hirem Betrib oder bei engem Drëtten hunn.

Lëtzebuerg, den 12. Januar 2024

(s) Martine Hansen
Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau